ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Juni 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister weiderzeleeden.

Am Artikel "*Eine Fuchsstudie und ihre Folgen*" deen de 27. Mee am Lëtzebuerger Wort publizéiert gouf, heescht et, datt den Ëmweltministère mat dem Auteur vun enger franséischer Etude déi sech mat der Auswierkung vun der Fuussejuegd befaasst huet, zu der Interpretatioun vu senge Resultater iwwer Kräiz läit. Den Auteur reprochéiert der Regierung eng "*interprétation abusive en prétendant que la chasse faisait augmenter la prévalence".* Sou wéi et am Artikel heescht, huet den Ëmweltministère sech an insgesamt zwee Bréiwer un de franséische Landwirtschaftsministère adresséiert, fir säi Mëssfalen iwwert dës Interpretatiounsdivergenzen auszedrécken. Dëst, well dovun ausgaange gouf, datt et sech beim genannten Auteur ëm e Beamte vun der franséischer Regierung gehandelt hätt, wat awer tatsächlech net de Fall war. Trotzdeem ass dëse Schratt vun der Regierung fir den Auteur net ouni Konsequenze bliwwen. Déi franséisch Regierung huet der "entente de lutte et d'intervention contre les zoonoses" där de Mann ugehéiert, déi finanziell Ënnerstëtzung entzunn, wat sech och nodeeleg op déi wëssenschaftlech Aarbecht auswierkt.

An deem Zesummenhang géife mir der Madamm Ëmweltminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi reagéiert d'Madamm Minister op déi am Lëtzebuerger Wort duergestallte Mëssstänn? Gesäit d'Madamm Minister heiran en Agréff an déi wëssenschaftlech Fräiheet? Falls net, firwat net?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Jeff Engelen
Deputéierten